ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest,

- datt de Risiko an d'Aarmut ze falen, bei den elengerzéiende Famillje besonnesch héich ass,
- datt, esou wéi dat d'Zuele vum Statec vum Joer 2021 am "RAPPORT TRAVAIL ET COHÉSION SOCIALE - DES INÉGALITÉS DE REVENUS INCHANGÉES MALGRÉ LA CRISE COVID-19" weisen, 38 Prozent vun den elengerzéiende Familljen dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn,

ass sech bewosst,

- datt den Aarmutsrisiko e ganz entscheedende Faktor ass, deen déi weider Entwécklung vum Kand am gesellschaftlechen, schouleschen a soziale Beräich negativ beaflosst,
- datt d'Noutwennegkeet, den elengerzéiende Familljen entgéintzekommen, e finanziellen Opwand fir de Staat bedeit, deen absolut proportionéiert a gerechtfäerdegt ass,

fuerdert d'Regierung op,

- déi elengerzéiend Familljen direkt, an ouni eng global Steierreform ofzewaarden, an d'Steierklass 2 ze reklasséieren,
- de crédit d'impôt monoparental fir elengerzéiend Famillje bäizebehalen an op 2500 Euro unzepassen, an dat ouni Konditiounen, déi un d'Pai oder Alimenter gebonne sinn.